International Informatiksolympiad am Kasachstan

# Bronzemedail fir de Gilles Englebert aus dem Athénée

D'Lëtzebuerger Delegatioun bei der IOI, déi vum 26. Juli bis den 2. August zu Almaty organiséiert gouf, kënnt mat enger Bronzemedail op Lëtzebuerg zréck.




De jonke Gilles Englebert, Schüler vun der I$^{ière}$ B vum Stater Kolléisch, huet sech eng Bronzemedail geséchert. Bei enger vun de sechs Aufgaben huet hien souguer de beschtméiglleche Score vun 100 Punkten erreecht. Och déi aner Lëtzebuerger brauche sech mat tëscht 99,31 an 68,15 Punkten net ze verstoppen.

Fir kënne mat op d'IOI ze goen, hunn d'Schüler vun der Lëtzebuerger Delegatioun sech misse bei der «Lëtzebuerger Informatiksolympiad – LIO» qualifizéieren. D'Delegatioun bestoung aus véier Schüler: Sami Bosch (Stater Kolléisch), Nicolas Brauch (Lycée Ermesinde), Gilles Englebert (Stater Kolléisch) a Jo Pletsch (Stater Kolléisch). Se goufe begleet vun de Professeren Jean-Marie Jans a Jean Reckinger vun der LIO a.s.b.l.

**Source: *http://www.rtl.lu/lifestyle/692976.html* (02/08/2015)**